PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 25/03/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Famill an Integratioun & Gesondheet weiderzeleeden.

An de vergange Woche goufen d'Residenten an och d'Personal aus Alters-a Fleegeheemer géint de Covid-19 geimpft, wa si dëst wollten. Well et net méiglech war, all d'Bewunner aus de Strukturen gleichzäiteg ze impfen, huet missten eng Selektioun gemaach ginn, wéi eng Häiser virun aaneren un den Tour kommen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Kann d'Regierung eis eng Lëscht ginn, op där d'Alters- a Fleegeheemer an och d'betreite Wunnstrukture fir eeler Leit der Rei no opgelëscht sinn - ugefaange bei deem Haus, wat als 1. geimpft gouf, an opgehale mat deem, wat als lescht um Tour ass?

2. Kann d'Regierung dëser Oplëschtung Erklärungen dobäifügen, aus deene jeeweils ervir geet, firwat ee konkret Haus virun engem aneren un d'Rei koum?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député